

Dat geännert Gesetz iwwert d'Gewalt am Stot vum 30. Juli 2013

„Gewalt am Stot schuet der ganzer Famill“, dat ass den Titel vun enger Sensibiliséierungscampagne, déi de Ministère fir Chancëgläichheet lancéiert huet, fir op d'Konsequenzen opmierksam ze maachen, déi Gewalt am Stot souwuel fir d'Affer an d'Täter, wéi och fir hiert Ëmfeld kann hunn. Hei geet et besonnesch ëm d'Kanner, déi oft Zeie vun der Gewalt sinn an domat och zu Affer ginn. D'Gewalt am Stot betrëfft vill Familljen a Stéit zu Lëtzebuerg an zitt sech queesch duerch all Alters- a Nationalitéitskategorien a sozial Klassen.

Duerch de Suivi vum Gesetz iwwert d'Gewalt am Stot aus dem Joer 2003 konnt dat ganz Ausmooss vun der Gewalt visualiséiert ginn: détailléiert Statistike weisen, dass d'Explosiounen an d'Interventiounen vun der Police zënter der Aféierung vum Gesetz an d'Luucht gaange sinn.

Zéng Joer nom Akraafttriede vun deem Gesetz zéien ech e positive Bilan, an deem Sënn, dass d'Gesetz et erlaabt huet, eis richtig bewusst ze maachen, dass dës Phenomen an eisem Land existéiert. Am Joer 2013 gouf d'Gesetz reforméiert a substantiell verbessert, souwuel um Niveau vun der Protektioun vun den Affer wéi och um Niveau vun der psychologescher Betreiwung vun den Täter.

Dës Guide informéiert iwwert déi Neierungen an och iwwert d'Demarché, déi ze maache sinn, wann Dir Affer, respektiv Täter oder Täterin vu Gewalt am Stot sidd.

Bei Gewalt am Stot heescht et handelen, net erdroen. Denkt och un Är Kanner!

Lydia Mutsch
Ministesch fir Chancëgläichheet

Wou fënnt een Hëllef?

SAVVD | Femmes en Détresse asbl
Berodung fir Affer vu Gewalt am Stot

B.P.1024 | L-1010 Luxembourg
T. 26 48 18 62 | F. 26 48 18 63 | contact@savvd.lu
www.fed.lu

S-PSYea | Femmes en Détresse asbl
**Psychologesche Service fir Kanner a Jugendlecher,
déi Affer vu Gewalt am Stot goufen**

B.P.1024 | L-1010 Luxembourg
T. 26 48 20 50 | F. 26 48 18 63 | contact@psyea.lu
www.fed.lu

Riicht Eras | Croix-Rouge
Service dee sech ëm d'Täter vu Gewalt am Stot këmmert

73, rue Adolphe Fischer | L-1520 Luxembourg
T. 27 55 58 00 | F. 27 55 58 01 | riichteraus@croix-rouge.lu
www.croix-rouge.lu/riichteraus

Fir weider Informatiounen: [violence.lu](http://www.violence.lu)

D'Internetsäit www.violence.lu informéiert am Detail iwwert d'Hëllefsmoosname fir d'Affer an d'Täter vu Gewalt am Stot. De Staat ass mat Partnerassociatiounen konventionéiert, déi hëllefen, d'Gewalt am Stot anzedämmen a gläichzäiteg eng qualitativ héichwäerteg psychosozial Betreiwung unzebidden.

Editeur: Ministère de l'Égalité des chances
Bureau: L-2921 Luxembourg
Accueil: T. 24 78 58 06 | F. 24 18 86
E-mail: info@mega.public.lu
www.mega.public.lu

COMED

*Gewalt am Stot
schuet der ganzer Famill.*



www.violence.lu



MINISTÈRE DE L'ÉGALITÉ
DES CHANCES



DONNONS UNE CHANCE À L'ÉGALITÉ
DES FEMMES ET DES HOMMES!

Wann Dir en Affer sidd...

Vun enger Expulsiounsmoosnam kënnen all déi **presuméiert Affer** profitéieren, déi mat engem presuméierten Täter an engem **familiäre Kader** zesummeliewen. Dorënner versteet en net nëmme déi **traditionell Famill** am wäiteste Sënn, d'Conjointen, d'Partner, d'Vir-an Nofahren (manner- a volljäreg) an d'Geschwëster oder Hallef-Geschwëster, mä och **zesumme-gesate Familljen**, dorënner och d'Partner vun de Vir-a Nofahren an d'Geschwëster oder Hallef-Geschwëster vun deem Moment un, wou si an engem familiäre Kader zesummewunnen.

Opgrond vun Indicen **expulséiert d'Police, mat der Autorisation vum Procureur d'État**, dës Persoun aus der gemeinsamer Wunneng.

Dës Expulsiounsmoosnam gëllt fir eng Dauer vu **14 Deeg**. D'Police recuperéiert all d'Schlüsselen, déi Zougang zu der Wunneng an den Dependancë ginn.

D'Expulsioun beinhalt fir déi expulséiert Persoun niewent dem Verbuete, **zréck an d'Wunneng ze kommen, nei Verbueter**, och fir eng Dauer vu 14 Deeg, nämlech déi, **net an d'Géigend vum Affer ze kommen an déi, Kontakt mat him opzehuele sief dat mëndlech, schrëftlech oder duerch eng Tëscherpersoun (e Familljemember, e Kand, en Noper oder eng aner Persoun)**. D'Police passt op, dass dës Verbueter agehale ginn.

D'Police hält e Protokoll op. Dir kritt eng Kopie vun dësem Protokoll iwwerrecht.

D'Police informéiert de „**Service d'assistance aux victimes de violence domestique**“ iwwert d'Expulsiounsmoosnam. Dëse Service gouf am Kader vum Gesetz iwwert d'Gewalt am Stot kreéiert mat dem Zil, den Affer vu Gewalt am Stot bäizestoen, si ze guidéieren an ze beroden andeems aktiv de Kontakt mat hinne gesicht gëtt. De **Kanner, déi Zeie vu Gewalt am Stot** goufen, bitt de „Service d'assistance aux victimes de violence domestique, Betreuung, Hëllef, Orientatioun a Berodung un.

Soubal d'Expulsiounsmoosnam prononcéiert ginn ass, kontaktéiert de „Service d'assistance aux victimes de violence domestique“ lech schrëftlech an/oder per Telefon. De Service informéiert lech iwwert Är Rechter a Handlungsméiglechkeeten.

Dir hutt 14 Deeg Zäit fir um Geriicht eng Verlängerung vun der Expulsioun an de Verbueter, déi mat der Expulsioun verbonne sinn, unzefroen. Dës **Moosnam ass maximal dräi Méint gëlteg**.

Och wann et zu kenger Expulsioun kënn, kënn Dir um Geriicht ufroen, dass déi Persoun, mat där Dir zesummelieft an déi lech menacéiert, agresséiert oder där hiert Verhalen eng eescht Menace fir Är psychesch Gesondheet ass:

- d'Wunneng fir eng maximal Period vun dräi Méint verlosse muss, well hiert Verhalen et fir lech onméiglech mécht, mat där Persoun zesammenzeliewen;
- well all Kontakt mat hir onerdréiglech ass, Folgendes verbuede kritt:
 - Kontakt mat lech opzehuelen,
 - lech Messagen ze schécken,
 - lech méi no ze kommen,
 - méi no bei d'Ennerkonft a seng Annexen oder bei d'Garderie fir d'Kanner a bei d'Schoul ze kommen,
 - sech am nammlechte Quartier wéi Dir eng Wunneng ze huelen,
 - bestëmmte Plazen ze besichen.

Wann Dir wëllt, kënn Dir lech viru Geriicht ënner anerem vum „**Service d'assistance aux victimes de violence domestique**“ ënnerstëtzen a vertrieide loossen.

Gitt Dir menacéiert an/
oder mësshandelt vun
enger Persoun, déi lech nosteet
a mat där Dir an engem familiäre
Kader zesummelieft?
Jo? Da waart net méi!

**Kontaktéiert
d'Police um 113**



Wann Dir Täter oder Täterin sidd...

Deen Dag wou d'Expulsiounsmoosnam a Kraaft trëtt, musst Dir d'Schlüsselen an all aner Geräter, mat deenen Dir d'Diere vun der Familljewunneng opspäre kënn, un d'Police iwwerginn. Duerno musst Dir direkt d'Wunneng an d'Dependancë verlossen an dierft an deenen nächste 14 Deeg weder zeréckkommen oder déi protegéiert Persoun kontaktéieren, nach hir ze no kommen.

D'Police informéiert och de **Service, dee sech ëm d'Täter am Beräich vun der Gewalt am Stot** këmmert, genee ewéi de „**Service d'assistance aux victimes de violence domestique**“.

D'Police informéiert lech iwwert Är Verflüchtungen an Är Rechter. Wann Dir d'Verbueter géint lech net anhaalt, kann dat stroferechtlech Konsequenzen hunn.

D'Police gëtt lech d'Méiglechkeet, Är perséinlech Gégestänn matzehuelen an Dir kënn lech iwwer d'Méiglechkeete vun engem Ennerdaach informéieren.

D'Police schreift e Protokoll iwwert d'Expulsioun. Dir kritt eng Kopie vun dësem Protokoll iwwerrecht.

Als expulséiert Persoun musst Dir lech an deenen éischte siwen Deeg no der Expulsiounsmoosnam am **Service, dee sech ëm Täter vu Gewalt am Stot** këmmert, presentéieren. Wann Dir lech bannent dësem Delai net gemellt hutt, kontaktéiert de Service lech a convoquéiert lech fir e Gespréich. De Service reecht e Rapport beim Parquet an.

Als expulséiert Persoun hutt Dir d'Recht, am Laf vun de 14 Deeg vun der Expulsioun e Recours beim Geriicht anzeleeën.

Dëse Recours hieft d'Expulsiounsmoosnam net op. Dës bleibt weider bestoen a gëtt net iwwert déi 14. Dag eraus verlängert.

Wann Dir wëllt, kënn Dir lech viru Geriicht vum **Service, deen sech ëm d'Täter vu Gewalt am Stot** këmmert, ënnerstëtze loossen.